# Positiounspabeier

Beschloss um uerdentleche Landeskongress 2012

Thema:

## *Avortement ass e Fraerecht*

### Problematik

Den Avortement gëtt zu Lëtzebuerg nach emmer duerch e Gesetz vun 1978 gereegelt, ee Gesetz wat kloer kathoulesch Wäerter vertrëtt an den Avortement ënner Strof stellt. Nëmmen a spezielle Situatiounen wou d'Gesondheet vun der Fra um Spill steet dierf ofgedriwwe ginn. Och d'Reform déi grad an der Chamber diskutéiert gëtt schwätzt nach vun iwwerflëssege Berodungen déi scheinbar zum Zweck hunn fir den Avortement fir Fraen esou onattraktiv wéi nëmme méiglech ze gestalten.

### D'Prinzipien vun der Piratepartei

D'Piratepartei steet fir eng zäitgeméiss Geschlechter- a Familljepolitik. Dëst baséiert um Prinzip vun der fräier Selbstbestëmmung iwwer Ugeleeënheete vum perséinleche Liewen. Mir sinn der fester Iwwerzeegung datt eng Fra ee Recht op Ofdreiwung nët abuséiere wäert.

### Fuerderungen

Eng fräi zougänglech, entkriminaliséiert, Ofdreiwung fir all Fra mat der beschter medezinnescher Versuegung, an neutraler Beroodung. D'Käschten dofir sinn wéi all medizinesch Leeschtungen vun der Krankekeess ofzerechnen.